NEWSLETTER

MLGREEN ËMWELTGRUPP

zënter 2018

Januar2023

Mosel cleanup

Den **24. September** hunn mir zesumme mat der Stad Gréiwemaacher am Kader vum **MoselCleanUp** laanscht d'Muselufer Dreck gesammelt.

MLG-Cans

Bidon'en fir eis 7e Schüler

Fir dass mir och an eiser Schoul an Zukunft eise Plastiksoffall reduzéiert kréien, kruten eis 7ieme Schüler och dëst Joer erëm eis **MLG-Cans** am neien Design.

D'Iwwerreechung vun de Bidonen gouf verbonne mat e puer Workshops vum **Jana Ney** (Aktion-Trinkwasser-LEADER Miselerland) a vum **MLGreen.**

Aktion Trinkwasser

Am Kader vum MLGreen hunn mir eng Ausstellung an och Workshops iwwert d'Wichtegkeet vum Lëtzebuerger Drénkwaasser organiséiert.

D'Jana Ney vum "Groupe d'Action Locale LEADER Miselerland" ass mat enger Ausstellung komm an huet eis 4e Klassen eng Rei Workshops ugebueden.

Mini-Greenday 6e

Fir eise Schüler d'Thematik vun der Nohaltegkeet méi no ze bréngen, huet den MLGreen de **20. Dezember 2022** op e neits de Mini-Greenday fir eis 6ièmen organiséiert.

10 Klassen vum MLG hunn all konnten an engem vun eisen Workshops zum Thema Ëmweltschutz, Mobilitéit, nohaltege Konsum an Déiereschutz Deel huelen.

Nieft dem MLGreen hunn och nach aner Organisatiounen gehollef eise Mini-Greenday ze gestalten.:

Superdreckskëscht, Seashepherd, ProVelo, Caritas, Fairtrade

Visitt Kläranlag

Am Kader vum Fach SCNAT, mee och wärend dem Mini-Greenday, konnte verschidde Klassen eng geféiert Besichtegung vun der **Kläranlag** vum SIDEST zu Gréivemaacher maachen.

Escape-Room

De 26. November huet den MLGreen 8 Schüler an den Escape-Room vu Tréier entfouert.

Si hunn zesumme konnten e puer spannend Momenter erliewen, a schliisslech virun der Zäit hir Zieler erreechen an d'Welt retten!

Di Schüler wäerten och am 2. Trimester an e puer Aktivitéiten vum MLGreen participéiren,

Aquaponik, Escape-Room, Eise Gaart,...

Mir invitéieren op eis **Green-Challenge** vum Mount

D'ganz Ekipp vum MLGreen wënscht Iech ee schéint neit Joer 2023, mat vill Erfolleg, vill Gesondheet a vill schéi Momenter!

mlgreen@mlg.lu